PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/04/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

De 15ten Abrëll huet den Ëmweltministère an engem Bréif un d'Jeeërfederatioun erkläert, dass d'Juegd och wärend der Ausgangsspär legal wier. Dëst, well den Artikel 10 am d'Juegdgesetz virgesäit, dass ee Jeër eng Stonn viru Sonnenopgank an eng Stonn no Sonnenënnergang dierf joen. D'Covid-Gesetz vum 7ten Abrëll gesäit awer am Artikel 3 ënnert keng solch Ausnam vir.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ënnert wat fir ee vun deenen 9 opgeléschte Punkte vum Artikel 3 vum Covid-Gesetz fält d'Juegd laut Ëmweltministère, bedenkend, dass de Ministère 2020 d'Juegd nach als Fräizäitbeschäftegung ugesinn huet ?

2. Laut dem juristeschem Prinzip vun der *abrogation tacite* gëllt am Fall vun engem Konflikt tëscht 2 Gesetzer, déi déi selwecht Plaz an der *Hiérarchie des normes* anhuelen, de Prinzip, dass dat méi néit d'Gesetz ze respektéieren ass. Gesäit de Ministère ee Konflikt tëscht dësem international Unerkannte Prinzip a sengem Bréif vum 15ten Abrëll?

3. Aktuell geet d'Sonn zu Lëtzebuerg géint 6:40 op a géint 20:30 ënner. Laut Artikel 10 dierften d'Jeeër also tëscht 5:40 an 21:30 op d'Juegd goen. An dësem Fall wier dat also eng Iwwerschneidung vun 20 Minutten zu der Momentaner Ausgangsspär. Den 21ten Juni (dem längsten Dag vum Joer) wäert d'Sonn um 5:30 op an um 21:45 ënner goen. Dat wier eng Iwwerschneidung vun 1h30 par rapport zur momentaner Ausgangsspär.
   Ugesiichts dësen Zuelen, hält de Ministère et fir proportionell, fir an dësem Fall d'Ausgangsspär fir d'Jeeër fir d'ganz Nuecht opzehiewen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député